

# Präsenz, Wierken an Integratioun vun Däitschen zu Lëtzebuerg D'Zäit vum Wiener Kongress bis zum Éischte Weltkrich (1815-1914)



vun Shari Pleimelding den 09/01/2020

Op Facebook deelen



Op Twitter deelen



Newsletter abonnéieren



**Hätt Dir gewosst, datt eis däitsch Noperen emol déi gréisst Aarbechtergrupp zu Lëtzebuerg duergestallt hunn? Datt d'Immigranten een immensen Afloss op d'Zesummeliewen a Kultur am Land haten, ouni déi mir haut net wieren, wat mir sinn? Datt mir duerch déi Däitsch Gefalen um Béier fonnt hunn, déi éischt Bank gegrënnt konnt ginn an d'Stolindustrie opgebléit ass? Dat a villes méi kann een nach bis den 2. Februar bei der Wanderausstellung [Präsenz](#),**

**Wirken und Integration von Deutschen in Luxemburg zu Dikrech am Geschichtsmusée gewuer ginn. Mat engem breede Spektrum un Themen a villsäitege knackegen Informatiounen gëtt d'Zesummeliewe vun däitschen a Lëtzebuurger Matbierger zur Zäit virum Éischte Weltkrich unhand vun Texter, Grafiken, Biller a Géigestänn verdäitlecht.**

Kuckt een op eis Geschicht, a virun allem den Afloss vun den Däitschen zeréck, esou gëtt an de meeschte Fäll just vum Éischten an Zweete Weltkrich an dem Nationalsozialismus geschwat. Vun den däitsch-Lëtzebuurger Bezéiungen, de Virdeeler an Innovatiounen, déi d'Awanderer mat sech bruecht hunn oder de generellen Afloss vun Zesummeliewen ass an de wéinegste Fäll riets.

Aus dësem Grond hu sech d' Asbl vum [Deutscher Verein in Luxemburg](#) an de [Centre de Documentation sur les Migrations Humaines](#) zesummegedoen an a Sisyphusaarbecht Archiven duerchsicht. Och Gemengen, Muséeën, d'Pressewiesen an aner Organisatiounen goufen direkt zu hiren Informatiounen befragt, sou datt eng eemoleg Ausstellung mat Begleeband entstoe konnt, déi net nëmme geschichtsinteresséiert Persounen, mee och ënnert anerem Personal aus der Educatioun an Historiker begeeschtert.



34 Tafelen a 4 Zëmmer op 2 Etagen liwwere spannend Erklärungen © Shari Pleimelding/moien.lu

**Eng wichteg Aarbecht, déi ni zu Enn wäert sinn**

Nodeems 2010 d'Iddi vun der Ausstellung méi konkret diskutéiert ginn ass an Aarbechtsgruppen entstanen sinn, fir ee pragmatescht Virgoe bei der Sich no Informatiounen ze garantéieren, huet ee schnell missen zouginn, datt ee sech hei een

décke Batz u Recherchen opgelueden huet. Trotzdeem wollt een dësen historesche Beräich endlech konkret opgräifen an zesummefaassen, wouduerch eng richtig Bewegung un d'Rulle komm ass. Souguer d'Universitëiten hunn de Studenten dëst Thema fir hir Aarbechten zougewisen.

Mëttlerweil ass déi ganz Ekipp esou an dësem Beräich opgebléit, datt en och elo nach no interessanten Informatiounen sicht. Glécklecherweis sinn et och Privatleit, déi duerch d'Ausstellung privat Material erausginn, Urenkel déi verstuerwe Familljemember erkennen oder Sammler, déi nëtzlech Artefakter vun doheem matbréngen.



Fir ee super Vernissage gëschter Owend hunn (v.l.n.r.) d'Helma Werner, Kuratorin a Projektleiterin, Deutscher Verein in Luxemburg; d'Carine Welter, Direktesch vum Dikrecher Geschichtsmusée an den Karl-Martin Schröter, däitsch Botschaft zu Lëtzebuerg gesuergt © Shari Pleimelding/moien.lu

No gutt 3 Joer haarder Aarbecht, ënnert der Leedung vun der Kuratorin Helma Werner, konnt d'Wanderausstellung säi Resultat an der Abtei Neumünster presentéieren. Weider gaangen ass et iwwert Tréier, Saarbrécken oder och Weimar, bis eben elo op Dikrech. D'Stad am Norden ass wuel éischer bekannt fir säi [Krichsmusée](#) an d'Opliewe vun der [Ardennenoffensiv](#), wat op kee Fall vergiess soll ginn. Allerdéngs gouf et och eng friddlech Zäit virun de Kricher, déi gewise muss ginn.

„Mat Hëllef vun net nëmme Lëtzebuerger mee och dätschen Archiven an hiren Archivare ass et eis gelongen, esou vill Dokumenter iwwert eis dätsch Virfaren am Land ze sammeln, wéi mir et eis ni hätten erdreeme kënnen“, erklärt d'Helma Werner.



Och Fraebewegungen entstinn a setze sech fir d'Interessen vum weibliche Geschlecht an © Shari Pleimelding/moien.lu

## Eng Ausstellung a 4 Deeler

Ganzer 32 Panneau presentéieren op 2 Etagen a 4 Zëmmere folgend Beräicher:

1. D'Bundesfestung an nei Grenzen
2. Wirtschaft an Industrialiséierung
3. Stadentwécklung, Gesellschaft a Kultur
4. De Groussherzoglechen Haff

Esou gëtt een hei beispillsweis gewuer, datt d' Lëtzebuenger Fraen oft den däitsch Ënneroffizéier verfall sinn. Als gutt „Heiratskandidaten“ sinn tëscht 1816 an 1835 ganzer 408 Bestietnisser ofgewéckelt ginn.



D'Pressewiesen vu fréier © Shari Pleimelding/moien.lu

Qualifizéiert däitsch Aarbechter hunn déi national Industrie opbléie gelooss. Esou war et den däitschen Héichueweningenieur Max Meier, deen zesumme mat Paul Wurth fir Innovatiounen am Stolsecteur gesuergt huet. Net ze vernoléisseggen ass awer och déi däitsch Drénkkultur. War de Lëtzebuenger ëmmer éischter ee Wäindrénker, esou hunn déi däitsch-Lëtzebuenger Bezéiungen d'Léift zum Béier opkomme gelooss. Wusst Dir beispillsweis, datt zu Hollerech een *Bayrisches Brauhaus zum Löwenbräu* stoung?

Och a Saache Musek konnten eis Noperen eis immens prägen: Als klenzt Kand ass de Johann Anton Zinnen mat sengem Papp op Lëtzebuerg komm, ass spéider den éischten Direkter vum Allgemenge Lëtzebuenger Museksveräin (haut Union Grand-Duc Adolphe) ginn an ass méttlerweil bekannt fir d'Melodie vun eiser Heemecht.

Zäit emol op Dikrech an de Geschichtsmusée ze kommen © Shari Pleimelding/moien.lu

## Nach bis de Februar zu Dikrech

„Verbindungen entstinn iwver Mënschen“, sou de Klaus Werner, President vun der Asbl Deutscher Verein in Luxemburg. D'Majoritéit vun den däitsche Bierger zu Lëtzebuerg hu sech integréiert, goufen neutraliséiert a gehéiere mat zu eise Wuerzelen. All Dag ziele mir iwver 40.000 däitsch Grenzgänger, 15.000 hu sech souguer am Groussherzogtum néiergelooss.

Ee Grond méi, sech d'Vergaangenheet emol méi genau unzekucken a sech iwverraschen ze loossen. D'Ausstellung ass vum 9. Januar bis den 2. Februar 2020 all Dag vun 10 bis 18 Auer (ausser Méindes) op. Et fënnt een se am [Dikrecher Geschichtsmusée](#) (13, rue du Curé).